N°933
Entrée le 26.06.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 27.06.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25/06/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Finanzen & Wunnengsbau weiderzeleeden.**

Den 22te Mee dëst Joer ass d'Gesetz iwwert verschidden Hëllefe fir de Wunnengsmaart a Kraaft getrueden (Loi du 22 mai 2024 portant introduction d'un paquet de mesures en vue de la relance du marché du logement).

Hei gouf een neie bëllegen Akt fir d'Locatioun agefouert (crédit d'impôt location). Am Communiqué vun der Regierung dozou stoung geschriwwen, dass dëse just fir Gebaier géif gëllen, déi nach net gebaut goufen (VEFA). Allerdéngs ass dat net am Artikel 4 vum Gesetz präziséiert, soudass unzehuelen ass, dass eng Persoun, déi ee bestoend Gebai keeft, fir et ze verlounen, vum neie bëllegen Akt ka profitéieren.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Fro stellen:

1. Kann de Minister präziséieren, ob den neien Bëllegen Akt fir all Gebaier gëllt oder just fir eng VEFA?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Gemeinsam Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth, a vum Minister fir Wunnengsbau, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro n°933 vum 25. Juni 2024 vum éierbaren Deputéierten, Marc Goergen iwwer de *Crédit d'impôt location***

Am Artikel 2 vum Gesetz vum 22. Mee 2024 iwwer de Relancepak am Wunnengsbau ass definéiert op wéi een Typ Immobilienerwerb sech de sougenannten *Crédit d'impôt location* bezitt.

Doraus ergëtt sech, dass dëse Steierkredit exklusiv bei Acquisitiounen ënnert Form vun enger *vente en état futur d'achèvement* am Sënn vum Artikel 1601-3 vum Code civil ka geltend gemaach ginn.

Lëtzebuerg, den 28. Juni 2024

De Finanzminister

(s.) Gilles Roth